N°1482
Entrée le 07.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

An engem Wort-Artikel vum 7ten November geet ëm den amerikanesche Sumpfkriibs, deen sech hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi staark géif ausbreeden. Beim amerikanesche Sumpfkriibs handelt et sech, wéi de Numm et scho seet, ëm eng Kriibszort, déi virun allem an den USA virkënnt an heemesch ass. Si ass zu Lëtzebuerg also net heemesch a gëllt zudeem als invasiv Aart, déi d'Ökosystemer am Land doduerch bedreet, dass si sech extrem séier an der Natur verbreet an als "Allesfresser" a Kannibal gëllt. Dës Déiere ginn awer och an enger ganzer Rei Länner geziicht, fir duerno als Delikatess giess ze ginn. Laut dem Artikel hätt ee bei der ANF e puer Mol nogefrot, wéi ee géint eng weider Verbreedung vum amerikanesche Sumpfkriibs wéilt virgoen, ouni awer eng Äntwert ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass dem ANF de Problem vun der ëmmer méi staarker Ausbreedung vum amerikanesche Sumpfkriibs bekannt?

2. Huet den ANF Pläng, wéi si wëll doru schaffen, d'Verbreedung vum amerikanesche Sumpfkriibs anzedämmen an esou eis Ökosystemer besser ze schützen?
    - Wa jo, kënnen heizou Detailer genannt ginn?
    - Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten